# Rapport Commission Jeunes
# 15.09.2025

| | |
|---|---|
| Présents : | Lex Schroeder, Claude Magar, Romain Engels, Dan Wiseler, Marco Schmitz, Marco Schmit, Suzie Godart |
| Excusés : | Guy Kruchten, Serge Raach |

1) Rapport CJ vum 14.7.2025
De Rapport ass approuvéiert a kann online goen.

2) Rapport de Course Diekirch 14.9.2025
De Lex Schroeder war Delegéierten op der Plaz, et goufen eng Rei Klengegkeeten ze bemängelen, duerfir preparéiert d'Suzie e Mail un de Veräin fir hinnen nach emol e Rappel vun deene Punkten ze maachen déi net ganz geklappt hunn. Déi genee Punkte sinn am Rapport de Course nozeliesen.

3) Versammlung vum 22.9 mat de Veräiner
Fir d'Versammlung brauche mir e Beamer a 15-20 Kopien vun der FSCL, de Claude mécht e Mail un d' FSCL an de Lex freet och nach emol telefonesch no. Op dem OdJ sti follgend Punkten:
- Adaptatiounen Reglement Jeunes fir Minimes / Cadets
- Technikofzeechen 9.11 am Kichechef
- Eenheetlech Aschreiwungen a Klassementer am Excel fir 2026
- Fräi Aussprooch

4) Rapport Entrevue Guy Kruchten / FSCL
De Guy huet eis dëse Rapport zoukomme gelooss an deen ass och esou am Unhang ze fannen.

5) Lëscht vun den Delegéierten fir déi läschten Epreuven

| | | |
|---|---|---|
| Wolz 20.9 : | Claude Magar | (Marco Schmitz) |
| Schëffleng 29.9: | Lex Schroeder | (Guy Kruchten) |
| Bartreng 25.10: | Guy Kruchten | (Claude Magar) |
| Technikofzeechen 9.11: | Lex Schroeder | (alleguer vun der CJ) |

6) Divers
D'Josianne Conzemius demissionéiert aus private Grënn aus der Kommissioun, mir soen him Merci fir seng Hëllef a wënschen him all Guddes. De Lex Schroeder wëll emol perséinlech bei him laanscht goe fir Merci ze soen.

Wat d'Material fir d'Technikofzeechen ubelaangt, wat nach soll no kaaft ginn, krut de Romain Engels op Nofro bei der Federatioun nach kee Feedback…

Wat den Design vum Tricot fir d'Präisiwwerreechung ugeet, krute mir nach keng Propositioune vum Präsident vun der FSCL weidergeleet (am Mail vum 13.8 huet hien eis dat fir déi Woch drop versprach…)

Mir hu keng Nouvelle vun dem Richard Spautz, de Claude rifft him emol un.

D'Suzie wëllt aus perséinlechen Ursaachen d'Sekretariat ofginn oder awer deelen, dee Punkt beschwätze mir an enger nächster Versammlung, wa jiddereen aus der Vakanz zeréck ass.

Nächst Versammlungen sinn : 20.10 an 4.11 um Boy Konen

**Annexe :**

« Rapport » Entrevue Guy Kruchten / Florian Salzinger (09 September 2025)